



tionaler Bilanz musse mer natierlech och do nach dann e bëssen zoukafen, fir dat méiglech ze maachen och an eiser Bilanz.

Zum Waasserverbrauch. De Waasserverbrauch ass jo net fir d'Leit, déi um Site sinn, an - wat weess ech? - de Sanitär dovunner. De Waasserverbrauch, deen am Raum steet, hänkt domadder zesummen, wéi effizient deen Datenzenter gebaut gëtt.

An Dir wërft eis ëmmer vir, mir wieren intransparent. De Moment vun der Transparenz, dee kënnt elo eréischt, an dee kënnt an der Ëmweltimpaktetüd. Bis dohinner huet Google héchstens e puer Hypothese getest, wou se soen: Wann en esou an esou ass, géif et dann zu Lëtzebuerg op där Plaz Waasser ginn, wat eis dann déi doten Aart a Weis vun der Killung géif erlaaben?

Mee bis haut wësse mir dat net als Regierung, an dat ass och normal, well een dat net weess bei all Projet, bis d'Ëmweltimpaktetüd gemaach ass! Bei der Ëmweltimpaktetüd, dat ass deen éischte Moment, wou ee Betrib muss am Detail weisen, wat en dann elo plangt.

A bei den Datenzentren, do gëtt et da Kärfroen ze beäntweren. Déi éischt ass: Mat wéi enger Temperatur gëtt den Datenzentrum bedriwwen? Mir hunn an deenen éischten Datenzentren, déi mir hei zu Lëtzebuerg gebaut hunn, 20 Grad.

Wat heescht dat? Majo, dat heescht, da muss ech ganz oft killen, well et jo och hei zu Lëtzebuerg oft iwwer 20 Grad ass. Mee du kanns awer haut och Datenzentre schonn operéieren mat 30 bis 35 Grad. Wann dat de Fall ass, da braucht de nach just e puer Deeg am Joer ze killen.

An dann do hannendrun ... Dat heescht, dat ass déi éischt Decisioun, an déi ass menges Wëssens an eises Wëssens net gefall. Google huet eis op alle Fall nach net gesot, mat wéi enger Temperatur deen Datenzentrum bedriwwen gëtt. An en fonction dovunner: Mat wéi enger Technik kann ech dann herno ëmgoen?

A fir mech dann haut nach eng Kéier virzebe-reeden, hunn ech dann och nach eng Kéier „gegogelt“.

**(Hilarité)**

Et ass an de leschten Deeg zu Helsinki ee vun den neisten Datenzentren an Europa opgaangen, 24 Megawatt, also ee Véierel vun 100. Deen Datenzenter hëtz 20.000 Haiser zu Helsinki!

Dat heescht, déi Technik, dat ass elo ee vun de leschten Datenzentren, déi gebaut gi sinn. Virun zwee, dräi Joer war déi Technik nach net do. An déi Fro, déi mir och an den nächste Méint elo mussen eebe kucken mat Google, ass: Wat genee hu si geplangt fir den Datenzenter? An da komme mer gären och nach eng Kéier erëm heihinner zrëck, firlech nach méi prezis Äntwerten ze ginn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Turmes. D'Madamm Hansen huet d'Wuert, fir eng Zousazfro ze stellen.

Ech wëll dem Här Kartheiser soen, datt mer hei net an enger Prozedur vun enger Diskussioun dra sinn. Fir d'éischt, fir d'Zousazfro, d'Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech wëll u sech e puer déi selwecht Froe stellen, well ech déi meescht Froen net beäntwert kritt hunn. Ech wëll awer och hei soen, wat den Här vu Google zu Biisse gesot huet: « On a surtout travaillé avec la Gestion de l'eau sur cette étude. On a également fourni l'ensemble des données. » Un d'Waasserwirtschaftsamt. Also huet d'Waasserwirtschaftsamt Zuele vum Waasserverbrauch an d'Waasserwirtschaftsamt huet opgrond vun deenen Zuele gekuckt, datt et géif iwwert d'Uelzecht méiglech sinn an datt een och misst am Summer dann am Noutfall op d'SEBES zrëckgräfen.

An op all déi Froen, déi ech hei konkret gestallt hunn, hunn ech leider keng Äntwerte kritt. Dat heescht: Wivill Waasser gëtt gebraucht? Muss am Summer Drénkwaasser geholl ginn? Ass dat ze akzeptéieren?

Ech weess och, datt iergendwéi eng Tëschelëi-sung soll ugeschwat ginn iwwert d'SIDERO-Kläranlag. Mee d'SIDERO-Kläranlag, dat ass am Prinzip indirekt d'Uelzecht. Well wann et vun der SIDERO-Kläranlag direkt geholl gëtt, da leeft et eeben net méi an d'Uelzecht. Dat heescht, och dat huet een Afloss op den Debit. Dat heescht, ech hunn do keng vu menge Froe beäntwert kritt.

Zousätzlech Infrastrukturen, den Här Turmes sot: „Mir packen dat!“ Stroum? Da weess ech nach net, wat dat ass: „Mir packen dat.“ E

bësse méi Erneierbarer, och dat krut ech net beäntwert. Energieeffizienzplang, kënne mer dat erreechen? Och dat krut ech net beäntwert. Also, ech fannen et definitiv schued. Souguer bei der Ofwäermt, wou Der gesot hutt, Dir géift kucken, hutt Der mer elo gesot: „Zu Helsinki maache se dat doten.“

Dir hutt awer schonn Daten. Deen dote Projet soll geschwéi kommen. Dann hoffen ech jo awer wirklech, datt d'Regierung sech scho Gedanke gemaach huet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. Wëllt d'Regierung nach eng Kéier dorop reagéieren? Den Energieminister Claude Turmes huet d'Wuert.

► **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Nach eng Kéier, Madamm Hansen - ech mengen, Dir misst et jo eigentlech och selwer wëssen -: De Moment de vérité kënnt bei der Ëmweltimpaktetüd. Dann eréischt wësse mer genee: Mat wéi enger Temperatur soll deen Datenzentrum bedriwwen ginn? Wéi eng Technik gëtt do agesat? An da gëtt et méi kloer, ob a wéi vill Waasser do gebraucht gëtt. An da gëtt och eréischt kloer, ob ee kann Ofwäermt do notzen oder net.

An ech denken, iergendwann d'nächst Joer wäert déi Etüd op den Dësch kommen. An da gi mer alleguerte méi schlau.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Energieminister. Ech wëllt dann nach dem Här François Benoy d'Wuert gi fir eng Richtegstellung zu engem Commentaire vun der Madamm Hansen.

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Merci, Här President. Jo, ech wollt just awer kuerz eppes dozou soen, well d'Madamm Hansen mech als Vertrieeder vun der grénger Fraktioun an der Conférence des Présidents an d'Spill bruecht huet.

**(Interruption)**

Jo, ech war awer de Vertrieeder vun der grénger Fraktioun. Da sinn ech domadder gemengt.

Also mir verwieren eis natierlech kenger De-batt, an dat huet, mengen ech, och elo grad d'Saach gewisen. Et ass just, dass do, wou mer elo dru sinn, nämlech engersäits bei de Modifikatiounen vum PAG an anersäits dem PAP, deen dann elo kënnt, mir eeben net an der Kompetenz vun der Ëmweltministesch sinn an dass si doduerjer och net déi richteg Persoun hei wär. An dat ass dat, wat ech eeben hei gesot hunn. Dat kënnt eréischt an deene Phase vun den Autorisatiounen respektiv dem Dossier vun der Ëmweltimpaktstudie, wéi et jo elo nach eng Kéier confirméiert ginn ass.

Merci.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech wollt just nach eng Kéier soen, datt d'Madamm Ëmweltministesch Daten huet an datt Google dat zu Biissen och esou gesot huet. A wann d'Madamm Ëmweltministesch Daten huet, da fannen ech, misste mir als Chamber dat och gewuer ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Benoy, fir dës Kloststellung. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

## 11. 7372 - Projet de loi portant modification :

**1° en vue de la transposition de la directive (UE) 2016/2341 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2016 concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle (IRP) de**

**a) la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep ;**

**b) la loi modifiée du 13 juillet 2005 concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle ;**

**c) la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances ;**

**2° de la loi du 17 avril 2018 relative aux documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance**

Eisen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7372, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Institutions de retraite professionnelle. D'Riedezäit ass

nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Franz Fayot, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Roy Reding, den Här David Wagner, den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet setze mer eng weider Direktiv am Beräich vun der Finanzwirtschaft an nationaalt Recht ëm. Konkreet befaasst sech d'Direktiv 2016/2341 mat den Institutions de retraite professionnelle, kuerz IRP. Op Däitsch géife mer soen: „Institutionen der betrieblichen Altersvorsorge“. Dat legaalt Fundament, also den éischten Text, mat deem op europäeschem Niveau Reegelen agefouert gi sinn, fir d'Aktivitéiten vun dësen Institutionen ze encadréieren an ze iwwerwaachen, geet op d'Joer 2003 zrëck.

Un dëser Direktiv gouf am Laf vun de Joren alerdéngs léns a riets ëmmer nees gepléischert, soudatt den Text vun 2016 déi ursprénglech Direktiv elo komplett ersetzt. D'Reegelwierk, sou wéi et iwwerschafft an iwwerholl ginn ass, huet verschidden Ziler. Zum enge geet et drëms, den europäesche Banne-maart mat Bezuch op dës Servicer ze verdéiwen. Dofir ginn d'Dispositione par rapport zu de grenziwwerschreidenden Aktivitéiten preziséiert a vereinfacht.

Et gëtt och eng nei Prozedur agefouert, wann d'Portefeullen an en anert Land transferéiert ginn, bei där déi spezifesch Roll vun den zoustännegen Iwwerwaachungsautoritéiten an den zwee betraffene Länner preziséiert gëtt.

Doriwwer eraus gëtt d'Protektioun vun de Clienten, d'Protection des consommateurs, haaptsächlech op zwou Manéiere gestärkt. Éischtens mussen d'IRPen an Zukunft hire potenzielle Clienten en Dokument zur Verfügung stelle mat all de relevanten Informatiounen iwwer hir Produiten, iwwert déi eventuell Risiken, déi domadder verbounne sinn, iwwert d'Performance vum Produit an der Vergaangenheet an esou weider an esou fort.

Op dës Manéier sollen d'Clienten d'Chance kréien, fir kënnen eng kloer Entscheedung en âme et conscience, wéi een esou schéi seet, ze huelen. Dëst Dokument gläicht deemno dem KID, Dir erënnert lech, dem Key Information Document am Kader vun den Investment-fongen. Doriwwer eraus kréien d'Clientë reegelméisseg e Relevé vun den IRPen, an deem ënner anerem déi accumuléiert Pensiouns-rechter stinn.

Zweetens gëtt d'Gouvernance vun den IRPen ugepasst, fir eng besser Gestiou vun de Risiken ze garantéieren. Méi genee bedeit dat, datt d'IRPe reegelméisseg op hire Risiko iwwer-préift ginn. Weider soll kontrolléiert ginn, a wat fir engem Mooss si hire Verpflichtunge vis-à-vis vun hire Clientë kënnen nokommen.

Hei zu Lëtzebuerg ginn haaptsächlech d'Pensiounsfonge vum zweete Pilier vun der Alters-virsuerg vun dësen neien Dispositione betraff, also déi Fongen, déi complémentaire Pensiounsregimier verwalten, déi e Patron fir seng Salariéen en place setzt.

Zum Schluss sief nach bemierkt, datt de Gesetzesprojet d'Iwwerwaachungsautoritéiten - d'CSSF, de Kommissariat vun den Assurancen an d'IGSS also - mat den néidege Pouvoiren an Instrumenter dotéiert, fir datt si hir Iwwerwaachungs- a Kontrollaarbecht méi effikass a besser koordinéiert bewältege kënnen.

Wat d'Avisen ugeet, verweisen ech bei dësem dach séier technesch an och voluminéise Projet op mäi schrëftleche Rapport. Ech wëll just den Avis vun der Chambre de Commerce erausgräife plus dee vun der Salariatskummer an dee vum Staatsrot, an deem zwou Opposition-formellé stoungen.

Op där enger Säit war de Staatsrot, also déi heich Kierperschaft, der Meinung, datt beim Artikel 256-69 de Renvoi op d'Formel „Lois, règlements et dispositions administratives luxembourgeoises“ ze vag an onprezis wier, wat zu enger juristescher Onsécherheet oder Onkloer-heet féiere kéint. Do huet also missen nogebesert ginn.

Um Niveau vum Artikel 92 huet de Staatsrot notéiert, datt de Renvoi op den Intitulé vun engem Acte, deen op engem méi niddregen Niveau an der Hierarchie vun den Norme situéiert ass, de Prinzip vun eeben dëser Hierarchie net respektéiert. De Staatsrot hat dofir gefrot, datt de Passage onbedéngt nei formuléiert misst ginn.

A sengem Avis complémentaire vum 12. November dëses Joers huet de Staatsrot säin Accord zu den Amendementer ginn, déi d'Finanz-

an d'Budgetskommissioun virdrun adoptéiert hat, an huet déi formell Oppositionen opgehewen.

Dann e puer Wuert zum Avis vun der Handelskummer vum 11. März dëses Joers, déi et derwäert sinn ze ernimmen, well den Avis eng Ureegung fir déi weider Diversifizéierung vun eiser Finanzplaz ass. D'Handelskummer bemierkt sou zum Beispill, ech zitéieren: « Au Grand-Duché, les actifs sous gestion de plans privés de pension des deuxième pilier », dat sinn d'Régimes complémentaires an der Entreprise, « et troisième pilier », dat sinn d'Régimes personnels de pension, « sont en effet très nettement en retrait de la situation observée dans la quasi-totalité des autres économies développées [...] »

Effektiv, wann een déi sougenannten Actifs sous gestion de plans de pension privés am Joer 2016 a Prozent vum PIB kuckt, da stellt ee fest, datt Lëtzebuerg an der OECD-Zon um Wupp rangéiert - fir dat op gutt Lëtzebuer-gesch ze soen - viru Griicheland an hanner Ungarn an der Tierkei. Am Peloton rangéieren Dänemark, Niederlande oder Holland, wéi mir Lëtzebuerger soen, Kanada, Island oder d'Schwäiz. „Esou eng Situatioun interpelléiert eis“, schreift d'Handelskummer, „zemol wann een d'Lëtzebuerger Finanzplaz kuckt.“ Irland, e staarke Konkurrent vun eiser Plaz an deem Beräich, virun allem an den Investmentfongen, wier do vill méi aktiv wéi Lëtzebuerg.

An d'Chambre de Commerce bemierkt weider, ech zitéieren: « La position peu reluisante du Luxembourg s'explique en partie par l'effet d'éviction exercé par le premier pilier (pensions versées par les administrations publiques) qui se caractérise par des pensions (maximales) élevées en comparaison internationale et des taux de remplacement particulièrement généreux. » Esou eng staark Focalisatioun op den éischte Pilier wier net ouni Risike fir de Liewensstandard vun de kommende Pensionnaires, also der haiteger Jugend.

Dës Focalisatioun géif virun allem d'Entwécklung vu Finanzaktivitéiten mat Zukunftspotenzial an deem Beräich vermeiden, sou nach d'Chambre de Commerce. Dofir ënnersträicht si och, wéi wichteg eng flexibel a proportionéiert Applikatioun vun den Dispositione vun dësem Projet ass.

D'Salariatschamber huet hiren Avis den 10. Dezember 2018 eraginn. D'Chambre des Salariés huet d'Efforte begréisst, fir de réglementaire Kader op dësem Gebitt ze verstärken, fir datt d'Vesprieche an puncto Zousazpensiounen vis-à-vis vun de Clientë garantéiert bleiwen.

D'Chambre des Salariés verweist op den éischte Pilier, also den allgemenge Pensiounsregimier, deen de Pensionnaires en dezente Liewensniveau an eng ekonomesch Onofhängegkeet géif garantéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Pensiounen sinn a bleiwen hei zu Lëtzebuerg e Sujet, deen eis och vläicht grad an Zukunft weider wäert beschäftegen, ob Jonk oder Al. Mat dësem Projet soll besonnesch och den zweete Pilier entwéckelt ginn a virun allem d'Clienten, besonnesch d'Salariéen, geschützt ginn.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Merci och dem André Bauler fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. De Rapporteur huet richteg ënnerstrach: Dat hei ass en net onweesentleche Gesetzesprojet. Et sinn zwar nëmme fënnf Minutte Riedezäit, mee dee ganze Secteur gëtt nei organiséiert, wat déi Tätigkeet, awer och d'Surveillance vun de Pensiounsfongen ass.

A fir de Verglach e bëssen ze maachen: Mir hunn an Europa an deem Secteur hei also betrëblech Zousazrente leie vun 2.500 Milliarden Euro - 2.500 Milliarden Euro - an et profitéiere ronn 75 Milliounen Leit, dat heescht Beneficiairen, dovunner. Setze mer dat awer entgéint zu deem, wat mer an eisen normale Fongen zu Lëtzebuerg leien hunn, dann ass dat u sech just d'Hallschent. Well do si leschten Informatiounen no 4.500 Milliarden eleng an den Investment-fongen zu Lëtzebuerg, déi geréiert ginn.





An deem Kontext, Här Minister, hätt ech eigentlech dräi Froen. De Rapportier huet mat Recht gesot, dass e bësse bedauert gëtt, dass Lëtzebuerg mat Ungarn eigentlech zum Schlusslicht vun de Pensiounsfongen, zweete Pilier, also deene betriebleche Pensiounsfongen, gehéiert, well e Manktum un Attraktivitéit an deem Secteur zu Lëtzebuerg ass.

Duerfir wollt mer eigentlech de Minister froen: Wat fir eng Moossname gedenkt en ze huelen, fir dass dee Secteur do dach e bësse méi Opwand ka kréien?

An déi konkret Fro ass déi: Gedenkt de Minister, deene Pensiounsfongen, zweete Pilier, et ze erlaben, fir individuell Zousazversécherunge fir d'Leit kënnen ze garantéieren?

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Dir mengt, well den éischte Pilier esou gutt ass.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Eng zweet Fro, och eng konkret - Här Di Bartolomeo, Dir kënnt dem Minister da vläicht hëllef -, dat ass déi: Mir hunn eng Konventioun, en Duebelbesteuerungsokkommes mat Frankräich. An et ass virgesinn, dat gëtt et schonns zënter bal 20 Joer - jo, 1998 -, dass bei Betrэг, déi abezuelt gi vum Patron fir déi Zousazpensiounen, zweete Pilier, en Impôt forfaitaire vun 20 % zu Lëtzebuerg bezuelt gëtt.

Et ass awer esou, dass dat Duebelbesteuerungsokkommes mat Frankräich e sougenannte „système d'imputation“ virgesäit. Dat heescht, dass dat, wat zu Lëtzebuerg bezuelt gëtt, ugerechent gëtt a Frankräich vu Steieren an dass dat da vun där Steuerlaascht, déi a Frankräich ufällt, ofgezu gëtt. An déi Fro ass déi, ob et séchergestallt ass, dass et hei bei deem Impôt forfaitaire libérateur zu Lëtzebuerg bleift, well dat interesséiert besonnesch d'franséisch Frontalieren.

An déi drëtt a lescht Fro ass déi, ob de Minister respektiv d'Lëtzeburger Regierung virgesäit, opgrond och vun deenen Emännerungen, déi gemaach goufe fir déi Staatsbeamten a Beamten aus dem ëffentlechen Déngscht, déi no 1999 agestallt goufen, wou also net méi dee sougenannten „ale Pensiounsregimm“ zielt, wou eigentlech dat lescht Gehalt gerechent gëtt, fir d'Pensioun ze berechnen, abee, gesäit d'Regierung vir, fir um Niveau vun de Pensiounen am ëffentleche Secteur och betrieblech Zousazpensioune virzegesinn?

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Och Merci dem Rapportier André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport.

Bon, et gëtt an deemem Projet de loi jo u sech zwee Voleten an zwee Aspekter. Deen een Aspekt ass den Aspekt, géif ech soen, „Produit vun der Finanzplaz“. Et ass gewosst, dass déi Sepcaven, déi mer virun enger Partie Joren agefouert hunn, ech mengen, 2005 war et, am Fong ni e ganz grouse Succès waren à l'international. Dat war eng Zort neie Fong, dee mer wollte maachen, a wou mer geduecht hunn, dass dat eng interessant Nisch ka si fir d'Finanzplaz, fir och där Pensiounsfongen, deuxième pilier, à l'international ze maachen.

Dat huet awer net fonctionéiert, eebe wéinst där Differenz tëschent de Reegelen an den États membres de destination, wou et eeben extra Reegle gi sinn iwwert d'Sozialsystemer, iwwert d'Pensiounen. An doduerch huet dat net geklappt. Elo kënnt déi Direktiv, déi dat jo u sech harmoniséiert a wou, mengen ech, awer och eebe justement eppes iwwert déi Activité transfrontalière drasteet, soudass ee kann hoffen, dass dat dann dës Kéier effektiv besser fonctionéiert ënnert deem Point de vue.

Deen zweete Volet vun deemem Projet ass dee vun dem zweete Pilier an eise Pensiounswiesen. Ech géif do gär soen, dass mer, éischstens, begrëssen, dass mer elo en neien Dispositif hunn, dee méi komplett ass, deen eng besser Gouvernance virgesäit, deen och eng besser Reglementéierung virgesäit an e bessere Schutz och fir d'Konsumenten, dat heescht fir déi Leit, déi affiliéiert sinn ënner engem zweete Pilier.

Ech géif awer och gär soen - an ech sëtze jo säit haut nieft dem fréiere Minister an dem Beräich vun de Pensiounen, deen och eng Reform gemaach huet 2012, déi ganz wichteg ass -, dass mir als LSAP natierlech haaptsächlech attachéiert sinn un den éischte Pilier an dass de beschte Garant fir Salariéen, fir schaffend Leit ëmmer nach e ganz staarken éischte Pilier ass an dass mer natierlech näischt géint

deen zweete Pilier hunn, mee dass eis, wéi gesot, haaptsächlech dru geleeën ass, dass mer deen éischte Pilier renforcéieren an durabel gestalten.

Dat gesot, géif ech gären den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. An da wier et un där honorabeler Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Och mir als Gréng begrëssen natierlech dës Direktiv respektiv de Projet de loi, deen doraus entsteet. En huet jo net just als Zil, dat eis Zousazpensiounen esou investéiert ginn, dat de Marché reglementéiert a konsequent och genotzt gëtt, dat d'Investitiounen diversifizéiert ginn an dat déi grenziwwerschreidend Aktivitéiten eebe kloer vereinfacht a prezisiéiert ginn - wat eis besonnesch gefält, ass d'Evaluatioun.

Dat ass dee Beräich, deen eis wierklech um Häerz läit, d'Evaluatioun vun den interne Risiken a virun allem d'Evaluatioun vun de Risiken, déi duerch de Klimawandel entstinn. Och dat ass e Volet, dee muss ervirgestrach ginn. Dorun hänkt jo och d'Deklaratioun, déi alle sozialen an ëmweltpoliteschen Aspekter soll Rechnung droen, woumat och gemengt ass, dat heiduerch eng kloer Protektioun vum Konsument wäert am Vierdergrond stoen.

Ech wéilt mech awer och dem Franz Fayot uschléissen, deen op den éischte Pilier agaan ass, an do e Clin d'œil op de Regierungsaccord maachen, wou mer eis dozou engagéiert hunn, dat de staatleche Pensiounsfong méi nohalteg ausgeriicht wäert ginn. Dat ass eng laangjäreg Fuerderung, net nëmme vun deene Gréngen, mee ech mengen nach vun anere politesche Parteien heibannen. De Regierungsaccord gesäit vir, dat dee ganze Pensiounsfong op de Leescht geholl wäert ginn an dat en eeben a Richtung gréng Finanzen an nohalteg Investissementer wäert ausgeriicht ginn.

An deem Sënn wënsche mer eis, dat dee Prozess elo méi séier vustattegeet wéi an der Vergaangenheet an dat mer dohikommen, wuer mer scho laang wëlle kommen, fir eeben ze verhënnern, dat déi fossill Energien nach ëmmer am Vierdergrond stinn, dann awer nach ganz aner Geschäfte domat verbonne ginn, déi mer an der Zäit ëmmer kritiséiert hunn.

Dat gesot, wéilt ech dem Änder Bauler nach eng Kéier Merci soe fir säi ganz pädagogesch opgestallte Rapport - wéi ëmmer - an dann och den Accord gi vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Ech mengen, wien dem André Bauler säi Rapport héieren huet, souguer wann e virdrun näischt iwwert dëst Gesetz gelies huet, weess elo, wourëm et geet. An ech mengen, wat fir méi ee schéint Kompliment kann een engem Rapportier maachen?

Hei ass en Text, dee fir eis Investmentfongplaz wichteg ass, deen awer och fir eis Rente wichteg ass, fir d'Ofsicherung vun deene Leit, déi do abezuelen. An duerfir fënnt e selbstverständlech wéi all Text, dee gutt ass fir d'Bankplaz respektiv fir d'Renten, den Accord vun der ADR.

An ech soen dem Franz Fayot Merci. En huet do wierklech e ganz gudder Punkt gemaach, wann en den éischte Pilier ervirsträicht, net onbedéngt, wéi déi Suen investéiert ginn, mee virun allem, dat den éischte Pilier awer nach ëmmer deen ass, op deem eise Rentensystem berout. An Dir wësst, wat fir eng Bedéitung meng Partei deem Pilier zoumoost.

Ech soe Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Déi jëtzig oder déi viregt?

► **M. Roy Reding** (ADR).- Regierung?

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Nee, Partei.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ech loossen nach de Vizepräsident ausschwätzen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech hunn d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, loosst lech net stéieren!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci! Merci, Här President. Mir wäerten eis enthalen

an ech wollt dat awer och nach kuerz begrënnen.

Quitte dat eng Partie Verbesserungen an deem Projet de loi, an där Emsetzung souwisou indeniabement an theoreetesoch och dra sinn, quitte dat awer och e puer Saache vereinfacht ginn, fir dat d'Fongen och international kënnen aktiv ginn, mat Garde-fouen, déi mer awer global als Verbesserungen ugesinn, hu mir trotzdem prinzipiell e Problem mam Prinzip iwwerhaapt, an dat ass och schonn hei ugeklongen, vum zweete Pilier. An an deem Sënn si mer och an där selwechter Logik wéi eis Vertrieder vun der lénker Fraktioun am Europaparlament, déi déi Direktiv och net matgedroen hunn.

Et freet mech, also et war schonn ... Et konnt een dovunner ausgoen, dat déi Diskussioun, vu dat et e Modèle de base ass, e bësse schnell iwwert d'Bün geet. Do muss ech awer och soen, dat dem Här Bauler säi Bericht ganz interessant war. Ech gehéieren net zu deenen, déi et systematesch all Kéiers soen. Dat heescht, wann ech et soen, da mengen ech et wierklech och. Dem Här Bauler säi Bericht war wierklech och interessant. En huet jo och aus de Chamberen zitéiert. Mir kënnen eis natierlech deem ralliéieren, wat d'Chambre des Salariés gesot huet an deem Sënn, wann et e Pilier gëtt, deen ee muss ënnerstëtzen, dann ass et den éischte Pilier.

Et kann een natierlech och liesen, wat d'Chambre de Commerce seet. Dat ass hire Business natierlech. Si bedauern natierlech, dat mer vläicht hannendra sinn, wat den zweete Pilier ueget, dat heescht, déi Zousazpensioun an den Entreprises, an deen drëtten, dee fir Privatpersounen.

Mir sinn net esou traureg, dat mer vläicht hannendra sinn. A mir mengen och net, dat déi Länner, déi zitéiert goufe virdrun, déi esou ganz wäit doranner sinn, Island, Holland an esou weider, dat dat Beispiller sinn d'ailleurs. A mir sinn och der Meinung, dat mer weiderhin op den éischte Pilier musse setzen.

Mir freeën eis awer och, dat wéinstens zwee Koalitionspartner vun dëser Regierung sech ganz kloer zum éischte Pilier bekannt hunn. Ech hat awer e puer Schwierigkeiten, erauszehéieren, wat den drëtten Koalitionspartner, deen och de Rapportekrittär hat, wierklech och, a wat fir eng Richtung ..., ob en dat Bedauere vun der Handelskummer gedeelt huet oder net. A wann ech vläicht och der CSV, dem Riedner vun der CSV nolauschteren, da sinn ech och net méi schlau doraus ginn, a wat fir eng Richtung mer hei sollte goen.

Ech mengen, mir sinn eis awer zu villen hei an dëser Chamber eens, dat deen eenzege Pilier den éischte Pilier, also deen ëffentleche Pilier ass, deen ee muss ënnerstëtzen an ausbauen, well en ass ausbaufäeg, souwisou. En ass souwisou gesond, e funktionéiert gutt, en ass ausbaufäeg, dat mer nëmmen op dee setze mussen an dat mer, entgéint deem, wat d'Chambre de Commerce seet, déi aner Pilieren awer mussen zrëckstutzen! Well mir si grad der Meinung, wann een den zweeten oder den drëtten Pilier ausbaut, da geet dat op Laaschte vum éischte Pilier!

A wann d'Chambre de Commerce seet, eis sozial Systemer géife permanent ënner Drock stoen: Jo, ënner wat fir engem Drock sti se? Si stinn ënner deem Drock, dee Fongen ausüben oder deen Assurancëgesellschaften ausüben, justement fir deen éischte Pilier lues a lues ofzebauen - dorobber muss ee ganz gutt oppassen -, fir duerno deen zweeten auszebauen an deen drëtten auszebauen a fir domadder Casino ze spillen. Well mir wësse jo aus der Erfahrung vun alle Länner, dat déi aner Pilieren u sech de Leit näischt wäerte bréngen a mat ville Risiken verbonne sinn. Och - och! - wa mer Direktiven a Gesetzgebungen ausschaffen, déi Garde-fouen implizéieren, sinn déi Risiken net einfach esou aus dem Wee geraumt.

Dat heescht, mir sinn der Meinung, dat mer mam Prinzip souwisou net kënnen averstane sinn. Dofir wäerte mer eis och bei deemem Projet de loi enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Tiptopp!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Et gouf scho vill zu deem Text gesot. Ech mengen, den honorabelen Här André Bauler huet jo och scho relativ exhaustiv erkläert, ëm wat et geet. Fir eis Piraten ass et ganz wichteg, dat mer hei an engem Land, wat vun enger oppener Ekonomie leeft, och et den IRPe méiglech maachen, an där oppener Ekonomie ze fonctionéieren, dat heescht, déi Transfers transfrontaliers, déi heimadde nei

gereegelt ginn, sinn, mengen ech, eent vun deene wichtigsten Elementer.

Wann een och en zweete Pilier heiansdo ka kritiséieren, esou ass et indeniabement hautdesdaags ee vun de Pilieren awer vun eise soziale Sécherheetsnetz ginn. Et erlaabt Patronen, fir eppes méi fir hir Employéen an eng Pensioun anzebezuelen. Et erlaabt also dem Patron, och nach eng Kéier eng zousätzlech sozial Responsabilitéit vis-à-vis vu sengen Employéen ze huelen.

A wann d'Regierung esou gäre seet: „Wann et dem Land gutt geet, soll et de Leit gutt goen“, esou, mengen ech, denken eng ganz Rëtsch Patronen och: „Wann et der Entreprise gutt geet, soll et och den Employéee gutt goen.“ An dat hei ass esou en Outil, deen hinnen erlaabt, dat ëmzesetzen. Dofir begrësse mer absolutt, dat dat esou kënnt.

Dann deen zweete Volet, deen eis ëmmer wichteg ass, ass d'Transparenz. Ech mengen, dat et ganz gutt ass, dat mer hei de Beneficiairë vun deenen Zousazpensiounen en neien Outil ginn, fir méi transparent a besser ze gesinn, wat se un Droiten hunn a wéi et mat där Progressioun och ka weidergoen. Ech mengen, dat war eppes, wat an der Lescht heefeg vu Konsumenteschutzorganisatioune kritiséiert gouf, dat am zweete Pilier heiansdo et e bësse flou ginn ass. An dat gëtt heimadde hoffentlech besser.

Deementspriedend wäerte mir dës Projet matdroen, mat deem enge Bemoll natierlech, dat mir och léiwer den éischte Pilier stärke wéi den zweeten. Netdestotrotz ass den zweete Pilier net onwichtig.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, ech wollt nach eppes soen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Bauler wollt nach eppes soen.

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Jo, wann Der erlaabt, Här President. Merci. Ech wollt awer ganz kuerz zwou Saache prezisiéieren.

Als Member vun dëser Fraktioun vun der Demokratescher Partei an als Member vun der Cofibu wollt ech just soen, dass mir eis natierlech ganz kloer zum éischte Pilier bekennen, dat ganz onmëssverständlech gesot.

Zweetens wëll ech awer och prezisiéieren, dass ech a menger Roll als Rapportier natierlech muss kucken, op gutt Lëtzeburgeresch gesot, méi Klacke lauden ze loossen. An dofir hunn ech deen ee Standpunkt an deen anere Standpunkt erausgeschéit. Dat war meng Missioun als Rapportier, dat an enger gewëssener Neutralitéit ze maachen, esou wéi dat vu mir an där Roll verlaangt gëtt.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Bauler. An elo ass et awer um Finanzminister, dem Här Pierre Gramegna.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech freeë mech iwwert dee kuerzen Debat, dee mer hei hunn iwwer e Sujet, deen u sech e ganz wichtigen ass, an zwar dee vun de Pensiounen a vun den Zousazpensiounen, déi den Objet hei sinn, well mer et hei mat enger Direktiv ze dinn hunn, fir déi am zweete Pilier, also d'Zousazpensiounen, déi de Patron sengen Employéee kann ubidden, méi tëschent Guillemeten - „interessant“ ze maachen.

Ech géif gären dem honorabelen Här André Bauler Merci soe fir säi Rapport, deen effektiv ganz equilibriéiert war a vill Saachen an de Vierdergrond gestallt huet. Ech freeë mech och, dass mer konnten déi Remarken an Opposition-formellë vum Conseil d'Etat behiewen, aus Grënn, déi novollzéibar sinn. Dat ass mäin éischte Punkt.

Den zweeten ass, fir ze soen, dass den honorabelen Deputéierte Fayot ganz Recht huet, wann en ënnersträicht, dass mer heimat dem Aspect transfrontalier vun de Pension-complémentaire vum zweete Pilier méi Sécherheet ginn. Dat ass jo fir Lëtzebuerg fundamentall! 200.000 Frontalieren! Eis ass et am allerwichtigste vläicht a ganz Europa, dass dat richtig gereegelt gëtt a besser gereegelt gëtt, wéi et de Fall war.

Drëtten Punkt: D'honorabel Deputéiert Lorsché huet och Recht ze ënnersträichen, dass soll der-



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

fir gesuergt ginn, an dat ass hei de Fall, dass d'Risiken, déi an deene Produite sinn, esou minimal solle si wéi méiglech.

Da kommen ech zu der Thematik vun der Wichtegkeet vun de verschiddene Pilieren, déi hei accessoirement an d'Diskussioun erabruucht ginn ass, net nëmme vun der Chambre de Commerce an hirem Avis, mee och vun aneren. Den „effet d'éviction“, huet d'Chambre de Commerce dat genannt.

Dat mag sinn, dass doduerch, dass mer e ganz gudden éischte Pilier hunn, dat heescht, dass déi normal Pensiounen, déi vun eiser Gesetzgebung garantéiert sinn, esou gutt sinn, an dat bezweifelt keen, do si mer am internationale Vergläich bal onschlagbar, natierlech den Drock op den Employeur, fir eppes derbäizesetzen oder dropzesetzen, vill méi kleng ass wéi a Länner, wou d'Pensioun méi schwach sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- A wou d'Employeuren net cotiséieren am éischte Pilier! Bei eis cotisiéiere se jo zu engem Drëttel.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- A wou dann de Staat selwer och nach am éischte Pilier cotiséiert!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo: en Drëttel. En Drëttel.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- An dofir hu mir en éischte Pilier, dee ganz generéis ass.

Ech wéilt awer gären, dass mer eis e puer Gedanken doriwwer maachen. Mir sinn do dann op där Lëscht vun der OCDE relativ ënnen, well dat hei zu Lëtzebuerg ganz wéineg ugebuede gëtt vun den Entreprises. Déi éischt Erklärung ass also déi, dass déi gesetzlech garantéiert Pensioun ganz héich sinn.

Et gëtt awer en zweete Grond. Dat ass, dass esou Systemer normalerweis a plütôt grouss Gesellschaften ugebuede ginn. Firwat? Fir esou eppes en place ze setzen, muss ee schonn eng gewëssen Zuel vun Employéen hunn, eng gewëssen Infrastruktur. An där Firmen hu mir zu Lëtzebuerg nun awer och net esou vill. Do-fir, ech mengen, dat ass eng zweet Erklärung, firwat mer an dësem zweete Pilier net esou vill Akteuren hu wéi an anere Länner.

Solle mer dat da wierklech regrettéieren? Ech mengen, op Basis vun der Diskussioun, déi mer hei haten, net onbedéngt. Mee ech mengen, et ass fundamental, dass ee weess, dass et déi Méiglechkeet gëtt, dass dat elo international transportabel ass. An ech mengen, dat ass dat Allerwichtigst.

Ech wëll awer och dann e Wuert iwwert den drëtte Pilier soen, iwwert deen, mengen ech, elo nach net vill geschwat ginn ass, well do och eppes an der Maach ass, an zwar an de leschte Wochen a Méint um europäeschen Niveau de „produit paneuropéen d'épargne retraite individuelle“, op Englesch PEPP genannt, mat zwee p, adoptéiert ginn ass. An ech mengen, do hu mer och fir Lëtzebuerg méi Méiglechkeeten,

well dat ass deen, wou den Employé selwer sech kann eng Retraite opbauen a wou och hei den „aspect transfrontalier“ nei gereegelt gëtt. Do hu mer zwee Joer, fir dat ëmzesetzen.

An doduerch gesäit een, dass mer dann zu Lëtzebuerg mat deem Gesetz, wat wäert komme fir déi Ëmsetzung vun där Direktiv, déi elo haut hei nach net zur Debatt steet, a mat där, déi mer haut hei ëmsetzen an der Chamber, eng ganz Panoplie kréien, wou mer eis Retraitë kënnen nei oder méi effikass gestalten.

E leschte Punkt och op d'Fro vum Här Roth hin. Et ass esou, dass d'Ëmsetzung hei just e Kader schaaft an alles dat, wat all Land eenzel huet, total fräi bleift. Ech mengen, dat heiten huet keen Impakt op egal wat fir ee Regimm, deen zu Lëtzebuerg existéiert, ob dat elo Fonctionnaire sinn oder anerer, Employé-privéen. An dofir, ech mengen, et soll een d'Portée elo awer och net iwwerdreiwen. Mir sinn hei amgaang, eppes ëmzesetzen, wat eis haaptsächlech am Contexte transfrontalier wäert hëllefen.

Ech soen all deene Merci, déi dann och dës Ëmsetzung vun där Direktiv ënnerstëtzen.

Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Finanzminister.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7372. Den Text steet am Document parlementaire 7372<sup>8</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7372 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7372 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Diane Adehm), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 12. Désignation d'un membre du Conseil national des finances publiques

Mir decidéieren haut de Mëtten ee Member fir de Conseil national des finances publiques. Laut Artikel 160 vum Chambersreglement ginn d'Membere vun der Chamber op Propos vun der Conférence des Présidents hin designéiert. D'Présidentekonferenz proposéiert d'Madamm Simone Delcourt als Kandidat. Well mer ee Kandidat fir ee Posten hunn, kann den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement applizéiert ginn. De Paragraf 5 vum Artikel 7 gesäit vir, datt, wann et esou vill Kandidate gëtt wéi Posten ze vergi sinn, d'Chamber op eng Ofstëmmung verzichte kann. Deemno géif d'Kandidatin zum Member vum Conseil national des finances publiques proklaméiert ginn.

Ass d'Chamber domat averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren?

#### Vote

Ech géif déi bieden, déi domadder averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?


Wien enthält sech?

D'Madamm Delcourt ass domat eestëmmeg zum Member vum Conseil national des finances publiques proklaméiert.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 10., 11. an 12. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(La séance publique est levée à 16.56 heures.)**



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.